ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 22. Oktober 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

De Biogas ass laut mengen Informatiounen zu Lëtzebuerg réckleefeg. Zousätzlech dozou sinn déi bestoend Anlagen op hirem Maximum ukomm. De Biogas kéint awer beim Ausbau vun der erneierbarer Energie a beim Klimabilan eng wichteg Roll spillen, wann dëse géif gefërdert ginn. Am Regierungsprogramm ass heizou näischt matgedeelt ginn. Speziell duerch d'Abrénge vun der Gülle kéint och zugläich de Klimabilan verbessert ginn. Niewent der Sonn- a Wandenergie si Biogasanlage méi zouverlässeg.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Energieminister:

1. Wéi ass d'Astellung vun der Regierung am Hibléck op d'Zukunft vum Biogas?
2. Si Fërderungen hei virgesinn an, wa jo, wéi gesinn déi aus?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique